CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
08 DEC. 2015
1619

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Dezember 2015

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir d'Educatioun an an d'Madame Gesondheetsminister weiderzeleeden.

*D'Inclusioun vun alle Kanner an der ëffentlecher Schoul, also och deene mat spezifesche Besoinen, ass am Prinzip e luewenswäert Ziel. Wann de Staat sech dëst ambitiéist Objektiv gëtt, da mussen awer och déi néideg Ressourcen zu Verfügung gestallt ginn.*

*An enger Instruktioun (instruction de service du 15 octobre 2015) un d'Personal vun de Grondschoulen, de Lycéeën an de Strukturen déi Kanner betreie gëtt awer elo d'Verantwortung fir Medikamenter ze stockéieren an de Kanner bei Bedarf u Kanner ze verdeelen op d'Schëllere vum Personal (Enseignanten, Educateuren) geluecht.*

*Dëst betrëfft esou wuel chronesch Krankheete wéi och Urgencen, z.B. bei engem allergeschen Schock.*

*Dowéinst wéilt ech der Regierung dës Froen stellen:*

1. *Ass d'Regierung net der Meenung, datt medezinesch Akten, wéi se an der Instruktioun beschriwwe sinn, musse vu Personal ausgeféiert ginn, déi dofir eng spezifesch Formatioun hunn?*
2. *Kann d'Regierung dem betraffene Personal garantéieren, datt am Fall wou et e Problem bei dem Verdeelen (oder net Verdeelen) vu Medikamenter gëtt, dës Enseignanten oder Educateure keng juristesch Suite musse fäerten? Wéi wëllt d'Regierung dëst Personal verdeedegen, wann et awer zu enger Klo virun der Justiz kënnt?*
3. *Wéi eng Moossnamen si virgesinn, wann den Enseignant muss stënterlech ersat ginn, oder wann z.B. d'Kanner op aner Klasse verdeelt gi well den Titulaire feelt?*
4. *Bei deenen ëmmer méi heefege Problemer, déi sech op alle Niveaue vun der Schoul weisen, ass et do net ubruecht, an all Schoulgebai (oder vun enger gewësser Schülerzuel un) speziellt Personal zu Verfügung ze hu fir Tâchen um medezineschen an edukative Plang ze iwwerhuelen?*
5. *Ass d'Regierung bereet, de Gemengen déi de Besoin hunn et ze erlaben, esou Educateuren (mat enger Zousazformatioun fir éischt Hëllef a fir d'Verdeele vu Medikamenter), zousätzlech zum Kontingent anzestellen, wann dës vun der Gemeng ganz oder zum Deel bezuelt ginn?*
6. *Ass d'Regierung bereet, de Lycéeën am Kader vun hirer Autonomie, ze erlaben esou spezialiséiert Educateuren anzestellen?*

Mat déiwem Respekt

Fernand Kartheiser

Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

*08.01.16*

**Réponse commune de la Ministre de la Santé et du Ministre de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire no 1619 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser concernant l'encadrement de l'enfant ou de l'adolescent à besoins de santé spécifiques.**

Zu Recht präziséiert den Här Députéierten aleedend an sénger parlamentarescher Ufro datt d'Inklusioun vun alle Kanner an der ëffentlecher Schoul e wichtegt Ziel ass. Et sief iwwregens bemierkt, datt dëst Ziel integrale Bestanddeel ass vum Recht op Bildung; also vun de Kannerrechter.

D'Instruction ministérielle vum 15. Oktober 2015 iwwer den Projet d'accueil individualisé (P.A.I.) huet als Objektiv, de Kader ze setzen fir den Encadrement vun de Kanner mat spezifeschen gesondheetlechen Besoinen während der Schoulzäit. Dësen Encadrement fonctionnéiert dank dem bewonnernswäerten Asaz vu ville Léierpersounen an Erzéierinnen an Erzéier. Och wann an der Vergangenheet ganz oft d'Begleedung vun de Kanner mat enger chronescher Krankheet gutt geklappt huet, huet de schoulmedezineschen Service dach leider ëmmer erëm misse feststellen, datt et bei ville Kanner net esou war. Vill Léierpersounen hu sech eleng an iwwerfuerdert gefillt, Elteren waren oft voller Suergen, well d'Begleedung net optimal war, déi behandelnd Dokteren ware beonrouegt, well si net woussten, ob och während de Schoul- a Betreiungszäiten den Encadrement vun hire klenge Patienten gutt weidergefouert géif ginn.

Haaptzil vum P.A.I. ass, harmoniséiert Prozeduren ze definéieren fir sécherzestellen, datt all krankt Kand gläichermoossen an de Genoss vun enger optimaler Begleedung ka kommen.

Et ass iwwregens wichteg ze präziséieren, datt de Contenu vum P.A.I. sech staark orientéiert un Modeller vu Betreiung vu chronesch kranke Kanner am Ausland.

Zum Inhalt vun der Instruction ministérielle sief ënnerstrach, datt d'Handlen wat erfuerdert ass, sech strikt op dat beschränkt, wat Elteren an der selwechter Situatioun musse maachen, wann d'Kanner doheem sinn. Nëmmen well d'Kanner deen Ablack an der Schoul sinn a selwer net kënnen agéieren, maachen dat d'Enseignanten an hirer Platz.

Villa Louvigny
Allée Marconi
L-2120 Luxembourg

Tél.: (+352) 247-85505
Fax: (+352) 46 79 63

Adresse postale
L-2935 Luxembourg

ministere-sante@ms.etat.lu
www.ms.public.lu

137-00001-20040525-FR

Den P.A.I. baséiert also op folgenden Elementer:

1.D'Eltere froen mat enger ënnerschriwwener Demande eng formell Hëllef bei der Schoul fir an hirer Plaz déi vum behandelnden Dokter ordonnéiert an absolut noutwenneg Interventiounen un hirem kranke Kand ze maachen, well sie net sur place sinn.

2. Eng detailléiert Ordonnance, respektiv detailléiert Consignen vum behandelnden Dokter, welch déi noutwenneg Interventiounen genau definéiert, leie vir.

3. Déi fir déi Schoul zoustänneg schoulmedezinesch Équipe këmmert sech em déi gutt Ëmsetzung vum P.A.I..

4. Dat betreffend Léierpersonal respektiv d'Personal aus der Maison Relais kréien eng (oder wann néideg méi) spezifesch Formatioun vun der behandelnder medezinescher respektiv der schoulmedezinescher Équipe iwwert d'Krankheet vum Kand an iwwer déi Gesten déi fir d'Betreiung vum Kand noutwenneg sinn.

5. E Plang fir d'Ëmsetzen vum P.A.I., wou spezifesch Situatiounen festgehalen sinn, wéi z.B. Ausfall vun der Betreiungspersoun, Ausflug, Sport oder Schwammen, gëtt opgestallt.

De Punkt 5 vum P.A.I. regelt och de Fall, wou den Titulaire de classe verhënnert ass, fir sech ëm dat betraffend Kand ze këmmeren.

Am Kader vun all P.A.I. gi Réunions de concertation an Formatiounen duerchgefouert mat dem Personal aus der Schoul, dem Lycée, der Maison Relais oder dem Internat fir déi Betreffend iwwert d'Krankheet vum Kand z'informéieren a fir sie z'instruéieren iwwert d'Ausféierung vun de Gesten, déi beim kranke Kand noutwenneg sinn.

Am Fall vun enger Uklo virun der Justiz spillt den Artikel 35 vum Gesetz vum 16. Abrëll 1979 iwwer den Statut général vun den Staatsbeamten deen am Allgemengen virgesäit, datt de Riichter op Ufro vun enger Partei de Staat mat an d'Instanz abënnt, wann en Beamten sech während der Ausféierung vun sengen Fonctiounen zivilrechtlech haftbar gemaach hätt.

Um Enn vum lafenden Schouljoer soll en éischten Bilan gezu ginn iwwer d'Auswirkungen vum P.A.I.. Zu deem Moment gëtt iwwerpréift, wat nach zousätzlech kéint am Beräich vun der Schoulmedezin ënnerholl ginn, ënner anerem, wat eventuell d'Astellen vun zousätzlechem Personal betrëfft.

Villa Louvigny
Allée Marconi
L-2120 Luxembourg

Tél.: (+352) 247-85505
Fax: (+352) 46 79 63

Adresse postale
L-2935 Luxembourg

ministere-sante@ms.etat.lu
www.ms.public.lu